N° 7883
Entrée le 12.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.04.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Leit vum CGDIS sinn oft op Brancarden (Tragbahren) ugewisen. Si mussen d'Leit op d'Brancard hiewen an dës dann an hiert Gefier lueden. Béides ka mat vill Kraaftopwand verbonne sinn. Zu de klassesche Brancarde gëtt et mëttlerweil awer och elektresch Alternativen, respektiv elektresch Hëllefen, déi de Brancard elektresch an d'Ambulanz eranzitt an och erëm raus op d'Rieder stellt.
An der parlamentarescher Fro n°7023 hat ech d'Madamm Ministesch no Informatiounen zu den elektresche Brancarde gefrot. D'Ministesch huet an der Äntwert erkläert, dass hei Analyse géife lafen, fir de Notzen an de Käschtepunkt vun esou Bahre festzestellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Sinn d'Analyse beim CGDIS mëttlerweil ofgeschloss? Wat sinn d'Resultater vun der Analys?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten